Lëtzebuerger Studenten zu Heidelberg

Léif Erstien, léif Memberen,

mir hoffen dass dir daat neit oder souguer ärt éischt Semester op der Uni Heidelberg gudd unfänken wärt. En Wantersemester zu Heidelberg ass einfach nett ze iwwertreffen. Ett sin rem lauter nei Aktivitéiten geplangt, op deenen mir ierch hoffentlech zahlreich begréißen wärten.

Eisen traditionellen **Stammdesch** fennt déi éischt Woch, **Densdes, den 11. Oktober** am Reichsapfel (Untere Straße, Altstadt) emmer ab 21:00 Auer statt. Souball den Chreschtmaart ugefangen huet (Enn November) treffen mir eis Densdes op en Glühwein um Uniplatz. Den Stammdesch ass ideal fir wann dir Froen iwwert d'Studentenliewen zu HD hutt.

Fir dass mir eis all en bessen besser kennenléieren, organiséieren mir **Densdes, den 25. Oktober** eis **Bienvenue-Party**. Mir organiséieren en klengen Tour de Cafés, fir dass dir d'Nuetsliewen vun Heidelberg kennenléiert. Datt gehéiert schließlech och zum Studentenliewen dozou. Lass geet ett um 21:00 Auer am Großen Mohr an der Unteren Straße. Op der Bienvenue gett och eis Zeitung, den Perkeo, ausgedeelt. Doran fannt dir en klengen Anbleck an eis Aktivitéiten.

Selbstverständlech fennt dest Joer och rem en **Chreschtiessen** matt Wichtelen an eis **Single Bells Party** statt. Wieder Informatiounen dozou kritt dir nach am Laaf vum Semester.

Wann dir nach wieder Froen hutt, zögert nett mir eng E-Mail op *lynnp_14@hotmail.com* ze schreiwen. Wann dir den **Newsletter** vum LSH wellt kreien, kennt dir mir schreiwen an ech huelen ierch an d'Lescht op.

Ech wenschen ierch vill Spaß am Wantersemester 2011/2012 an hoffen ierch zahlreich op den Aktivitéiten ze gesinn.

Matt beschten Gréiß

Fir den LSH
Lynn Pundel